syndicat
national des
enseignants
cgfp

Fir lech,
mat lech,
zesumme
méi staark!

# Resolutioun vum SNE/CGFP zur Alphabetiséierung op Franséisch

An der «Circulaire de printemps» 2022 consacréiert den Educatiounsminister e ganzt Kapitel dem Pilotprojet «Zesumme wuessen! Alphabetiséierung op Franséisch».

Den SNE/CGFP ass sech der Sproocheproblematik zu Lëtzebuerg bewosst an ass prinzipiell op fir eng Flexibiliséierung vun der schoulescher Offer am traditionelle lëtzebuergesche Schoulsystem.

Den SNE/CGFP ass der Meenung, dass d'Lëtzebuerger Schoul sech un d'Diversitéit vun de Schüler an hir Besoinen upasse soll. Onofhängeg vun hirem sproochlechen Hannergrond mussen all d'Schüler eng Plaz am ëffentleche Lëtzebuerger Schoulsystem fannen a jidderee muss beschtméiglech geférdert kënne ginn.

An den Ae vum SNE/CGFP ass et e Fakt, dass den aktuelle Schoulsystem net méi op all Schüler aus onser Populatioun passt. Fir ze verhënneren, dass nieft der ëffentlecher Lëtzebuerger Schoul de Parallelsystem vun internationalen ëffentleche Schoulen nach méi ausgebaut gëtt an domadder och d'Gefor vun enger Parallelkultur wiisst, kann eng Alphabetiséierung op Franséisch eng vun de méigleche Piste sinn, fir Schüler mat anere sproochleche Besoinen an der Lëtzebuerger ëffentlecher Schoul ze halen. Sou kéint zum Beispill d'Alphabetiséiere vum Däitschen nom Konzept « Deutsch als Fremdsprache » eng méiglech weider Pist sinn.

Fakt ass och, dass d'Sproochenexperten sech eens sinn, dass eng Alphabetiséierung op Franséisch méi schwéier ass wéi eng Alphabetiséierung op Däitsch, well d'Korrespondenz tëschent Laut- a Schrëftzeechen (Phonem-Graphem-Korrespondenz) méi komplex ass a méi e grousse Memorisatiounseffort verlaangt.

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie
Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg
sne@education.lu
www.sne.lu

syndicat
national des
enseignants
cgfp

Fir lech,
mat lech,
zesumme
méi staark!

Am Kader vum Projet vun enger Alphabetiséierung op Franséisch huet den SNE/CGFP eng Rei Fuerderungen:

**<u>1. Keng parallel Alphabetiséierung an zwou Sproochen innerhalb vun enger Klass</u>**

Den SNE/CGFP schwätzt sech kategoresch dergéint aus, dass an enger eenzeger Klass eng parallel Alphabetiséierung an deenen zwou Sproochen duerchgeféiert gëtt.
Den SNE/CGFP fuerdert d'Schafe vu raimlech getrennte Klassen, entweder mat enger Alphabetiséierung op Däitsch oder mat enger Alphabetiséierung op Franséisch.
An den Ae vum SNE/CGFP ass et nämlech onméiglech, dass een Enseignant gläichzäiteg déi zwou grouss Erausfuerderunge mat Erfolleg ugoe kann, esouguer wann hien eventuell nach eng punktuell «Hëllefsstellung» an der Klass hätt.

**<u>2. De Choix vun der Alphabetiséierungssprooch däerf op kee Fall imposéiert ginn</u>**

Fir den SNE/CGFP muss et ëmmer garantéiert bleiwen, dass d'Elteren am selwechte Schoulgebai, ob grouss oder kleng, de Choix hunn, ob hiert Kand op Däitsch oder op Franséisch alphabetiséiert soll ginn. Den SNE/CGFP mécht dorop opmierksam, dass d'Schoul dofir déi néideg Ressourcen u Personal an Infrastrukture brauch.

**<u>3. D'Alphabetiséierungssprooch däerf keng Ongerechtegkeeten am schoulesche Parcours mat sech bréngen</u>**

Fir den SNE/CGFP bleift et vun extrem grousser Wichtegkeet, dass um Enn vum Zykel 4.2 all d'Kanner, egal ob si op Franséisch oder op Däitsch alphabetiséiert goufen, erëm gemeinsam op enger Schinn virufuere kënnen, fir dass hinnen all d'Méiglechkeeten am «Enseignement secondaire» opstinn. Den SNE/CGFP freet sech awer, ob d'Aféierung vun enger Alphabetiséierung op Franséisch an der Grondschoul net Repercussiounen op den «Enseignement secondaire» huet an et eventuell och do zu Upassunge komme muss.

**<u>4. No dem Pilotprojet muss eng objektiv, onofhängeg an detailléiert Evaluatioun gemaach ginn</u>**

Den SNE/CGFP warnt virun enger iwwerstierzter generaliséierter Alphabetiséierung op Franséisch a fuerdert dofir, dass de Pilotprojet eng Kéier déi véier Zyklen

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie
Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg
sne@education.lu
www.sne.lu

duerchleeft, éier et zu enger nationaler Implementatioun vum Projet an de Schoule kënnt.

Doriwwer eraus insistéiert den SNE/CGFP op eng seriö, onofhängeg a wäitreechend Evaluatioun vum Pilotprojet an dat wärend senger ganzer Dauer.

Den SNE/CGFP fuerdert bei enger eventueller generaliséierter Aféierung vun enger Alphabetiséierung op Franséisch, dass all d'Schoulen iwwer déi selwecht Ressourcen a Moyene verfüge mussen, wéi se och fir de Pilotprojet zur Verfügung gestallt goufen. Dat muss eng Upassung vum Contingent no uewe mat sech bréngen. An deem Kontext misst den aktuelle bedenkleche System vum Contingent endlech de Besoine vun all de Schüler ugepasst ginn.

**5. Niewent dëse méi prinzipielle Fuerderungen, verlaangt den SNE/CGFP awer och, dass de Ministère Äntwerten op eng Rei praktesch Froe liwwert:**

- Wéi gesäit déi konkret Ëmsetzung vum Asaz vun de Sproochen an alle Fächer aus?
- Wéi ass an Zukunft de Stellewäert vun der Lëtzebuerger Sprooch an onsem Schoulsystem?
- Wéi kritt een déi zwee Alphabetiséierungssystemer praktesch duerno erëm zesummen ?
- Wat sinn d'Repercussioune fir de Plan d'études?

Nëmme wann dës Fuerderunge vum SNE/CGFP erfëllt ginn, kann den SNE/CGFP dem Pilotprojet «Zesumme wuessen! Alphabetiséierung op Franséisch» zoustëmmen.

Dës Resolutioun gouf de 17. Mee 2022 eestëmmeg vun der Assemblée des Délégués vum SNE/CGFP ugeholl.

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie

Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56

B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

sne@education.lu
www.sne.lu